N°2672
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2672 du 28 juillet 2025 de l'honorable Députée Nathalie MORGENTHALER et de l'honorable Député Marc SPAUTZ concernant « Intégration professionnelle des demandeurs de protection internationale et des réfugiés ».**

**<u>Fro N°1 :</u> Deelt d'Regierung d'Feststellung, datt en Uarbechtsverhältnis eng vun de beschte Méiglechkeeten ass fir datt Asylbewerber·innen an unerkannte Flüchtlingen sech kënne gutt an d'Gesellschaft integréieren?**

Dës Feststellung gëtt selbstverständlech vun der Regierung gedeelt.

**<u>Fro N°2 :</u> Wat wëllt d'Regierung maachen fir d'Employabilitéit vun de betraffene Leit ze verbesseren?**

D'Regierung ass sech der Wichtegkeet bewosst, d'Employabilitéit vun de Demandeuren (DPI) a Beneficiairë (BPI) vun der Protection internationale ze stäerken, fir hir Integratioun an d'lëtzebuergesch Gesellschaft ze erliichteren. An dësem Kader ginn ënnerschiddlech Aktiounspisten verfollegt, besonnesch a Beräicher wéi der Formatioun, der Kompetenzevaluation an der Vermëttlung op den Aarbechtsmaart.

Iwwer Pilotprojeten am Beräich vun der berufflecher Formatioun wëll d'Regierung den Upskilling a Reskilling vu BPIe fërderen. Konkret goufen an de CNFPCen zu Esch-Uelzecht an Ettelbréck, Formatioune „Agent de nettoyage" an „Aide-cuisinier" organiséiert. Dës Formatioune kombinéieren d'Formatioun an engem Beruff mat Franséischcoursen, fir déi global Kompetenze vun de Participanten ze stäerken. No der Formatioun ginn dës Persounen u Patrone vermëttelt, ënner anerem duerch Jobdays, déi speziell fir dës Zilgrupp organiséiert ginn, souwéi am Kader vun der individueller Begleedung duerch d'ADEM.

Doriwwer eraus bitt d'ADEM eng Rei weider Projeten un, déi speziell fir BPIen a BPTen (Bénéficiaires de protection temporaire) entwéckelt goufen. Dës Formatiounsoffere sinn ënnert anerem:

- *Dress4Success* (Dress fir Success Luxembourg a.s.b.l.),
- *Projet d'accompagnement « Inter-C »* (Fondation EPI a.s.b.l.),
- *« Ready4Work »* (NAXI-Femmes en détresse a.s.b.l.),
- *« Work integration Luxembourg »* (Zarabina a.s.b.l.).

D'BPIen an d'BPTen, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, hunn zousätzlech Zougang zu anere Formatiounsmoossnamen, wéi z. B. Sproochenformatiounen, sektoriell Formatiounen, Formatiounen an digitale Kompetenzen, asw.

Des Weideren ass en interministerielle Groupe de travail en place gesat ginn, dee vum Familljeministère (MFSVA) koordinéiert gëtt. Dëse Grupp versammelt verschidde Ministèren an Administratiounen, déi an den Accueil an d'Integratioun vun DPIen involvéiert sinn. D'Acteure sinn folgend:

- Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil (MFSVA),
- Office national de l'Accueil (ONA),
- Ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse (MENEJ),
- Direction générale de l'Immigration (DGIMM) relevant du Ministère des Affaires Intérieures (MAINT),
- Agence pour le développement de l'emploi (ADEM),
- Ministère du Travail (MT).

Dëse Grupp huet d'Missioun, eng effizient Koordinatioun tëschent de betraffene ministeriellen Acteuren ze garantéieren. All Instanz ass zoustänneg fir d'Ëmsetzung vu Moossnamen an hirem Beräich a schafft enk mat de verantwortleche Projets-Cheffen zesummen. Ënnert den Haaptthemen, déi an de Reunioune behandelt ginn, fannen sech:

- Den Impakt vun der neier EU-Direktiv iwwert dn Accueil, déi e fréieren Zougang zum Aarbechtsmaart fir DPIen iwwer eng Autorisatioun temporaire d'occupation (AOT) virgesäit;
- D'Opstelle vu Kompetenzevaluatiounssystemer, fir d'Employabilitéit sou fréi wéi méiglech kënnen anzeschätzen;
- D'Aféierung vun engem Sproocheformatiounsparcours fir DPIen.

**<u>Fro N°3 :</u> Denkt d'Regierung drun fir e spezielle Jobday fir Asylbewerber·innen a Flüchtlingen oder Migrant·innen z'organiséieren?**

Fir d'DPIen an hirem Beruffsintegratiounsprozess z'ënnerstëtzen an hinnen den Wee zu méi Autonomie ze erméiglechen, hunn den ONA an d'ADEM en innovativt Konzept am Zesummenhang mat der leschter Editioun vum Jobday am Horesca-Secteur entwéckelt.

Am Kader vun dëser Initiativ gouf Moies eng speziell Plage exklusiv fir DPIen reservéiert, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, mat Patronen a Kontakt ze trieden, déi bereet waren, si ënner favorabele Konditiounen anzestellen. Dësen Usaz huet e favorabelt Ëmfeld geschaf, deen de gezielten an direkten Austausch tëschent DPIen an Employeure gefërdert huet.

Virum Event gouf eng Informatiouns-Sessioun speziell fir d'DPIen organiséiert, fir hinnen den Oflaf vum Jobday ze erklären an si iwwer d'Erwaardunge vum Aarbechtsmaart z'informéieren. Op dës Manéier goufen si zilgeriicht op dës professionell Renconter virbereet.

No dëser éischter, positiver Erfahrung, stinn den MFSVA an d'ADEM a Kontakt fir wieder Evenementer mat deem Format z'organiséieren.

Et ass och wichteg ze bemierken, datt all BPIen, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, un den Jobdays an aneren Evenementer, déi vun der ADEM organiséiert ginn, kënne deelhuelen.

Luxembourg, le 31 juillet 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**